
**MYBOOKS.LU**

GRATIS SCHOULBICHER FIR DE LYCÉE

Eng Initiativ vum Educatiounsministère




## GRATIS SCHOULBICHER FIR DE LYCÉE

**VUM 23. JULI 2025 UN**

## LÉIWE SCHÜLER, LÉIF SCHÜLERIN, LÉIF ELTEREN



Zanter der Rentrée 2018/2019 sinn déi obligatoresch Schoul-bicher fir Schüler am Enseignement secondaire an an der Beruffsausbildung gratis. D'Regierung entlaascht op deem Wee all d'Famillje bis zu 450 Euro pro Schouljoer a Kand, jee no Klass a Schoultyp. Mir stäerken domadder d'Gratuitéit vun der ëffentlecher Schoul, an der Kontinuitéit vun deem, wat schonn an der Grondschoul existéiert.

Eng Applikatioun mat engem personaliséierten a gesécherten Zougang erlaabt et dem Schüler, d'Bicher erauszesichen, déi duerno am Bichergeschäft kënnen ofgeholl ginn, ouni mussen ze bezuelen.

Mir wëllen awer och en nohaltegen a verantwortungsvollen Ëmgang mat de Schoulbicher encoura-géieren. Wien op gebrauchte Bicher zeréckgräift, kritt duerfir e Bong fir aner Bicher an der Héich vu 50 Prozent vum Neiwäert vun deene Bicher, déi net iwwer d'Applikatioun geholl goufen.

D'Gratuitéit vun den obligatoresche Schoulbicher huet keen Impakt op d'Allocatioun fir d'Schoulrentrée oder op aner finanziell Hëllefen. Si ass e reelle Virdeel fir Är Famill.

Mat beschte Gréiss

**CLAUDE MEISCH**

Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend

## AN DËSE LIBRAIRIË KRISS DU DENG BICHER:

**Librairie Ernster:** Bascharage, Dudelange, Bertrange, Ettelbruck, Luxembourg-Centre, Luxembourg-Gasperich (Cloche d'Or), Mersch

**Librairie Diderich:** Esch-sur-Alzette

**Librairie des Lycées:** Luxembourg-Limpertsberg

**Samkats:** Echternach

**ChrisTina's Bicherbuttik:** Wiltz


**Librairie Um Fieldgen:** Luxembourg-Gare


**Librairie Zimmer:** Diekirch

**Biba sàrl:** Marnach

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**1** GÉI OP WWW.MYBOOKS.LU




**2** KLICK OP DEN „APP BUTTON“.





**3** CONNECTÉIER DECH MAT DENGEM IAM-LOGIN.

Hei gesäis du däi Profil mat denger Bicherlëscht.

**4** MAACH DÄI CHOIX VUN DE BICHER.

Fir all obligatorescht Buch, dat s du net nei brauchs, kriss du e Bong fir aner Bicher am Wäert vu 50% vum Buchpräiss.




**Oppassen!** Du kanns de Bicherbong direkt oder méi spéit aléisen. En ass gülteg bis den 27. Juni 2026. Mam Bong kanns du aner Bicher wéi déi obligatoresch Schoulbicher kafen.


**5** GÉI MAT DENGER APP AN D’LIBRAIRIE.

Wann s du keen Smartphone oder Tablett hues, muss du d’Barcoden vun denge Bicher virdru printen.

**Wichteg!** Kontrolléier, ob däi Choix richteg ass. Wann d’Codë bis gescannt sinn, kanns du deng Bicher net méi ëmtauschen.




**6** LOOSS DENG BARCODEN AN DER LIBRAIRIE SCANNEN.



VUM 23. JULI 2025 UN

**7** DU KRISS DENG GRATIS BICHER.



HELPDESK

**Vum 23. Juli un:**
CGIE – Tel. 247-85999
mybooks@men.lu
**Vum 23.- 31. Juli a vum 2. September un och an denger Schoul.**